Entrevue mat de Neie Lénken

D'Partei war vertrueden duurch de Marcel Lorenzini (Conseiller), d'Tessy Erpelding an eng weider Damm.

De Marcel Lorenzini, dee Stroossebauingenieur bei Pt&Ch. ass, huet affirméiert, dass et och **méiglech ass d'Poids Lourd'en en anere Wee zréck op d'Autobunnnetz ze féiren** wéi just iwwert de Monster Verdeelerkreess wéi et aktuell geplangt ass.

Hie sot, dass am Fall vun enger zousätzlecher Bauschuttdeponie am "Neie Wal" et jo och zu enger **neier Aus- an Opfahrt op d'A3** komm wier an hien huet denkbar Routen opgewisen.

Den Här Lorenzini huet och drop higewisen, dass bei der Op-/Ausfahrt "Centre" vun der A3 keng Opfahrt Richtung Frankräich géif existéiren.

Di eenzeg Konditioun déi misst respektéiert ginn, wat d'**Zréckféiren vum Poids-Lourd-Verkéier op d'Autobunn** ubelaangt, wier, dass d'**Camion'en** genuch Streck hätten fir kënne op d'**Vitesse** déi op den Autobunnen gefuer gëtt, ze **beschleunegen.**

Di Nei Lénk sinn och der Meenung, dass et net ze recommandéiren ass, nach zousätzlechen Poids Lourd Traffic (deeglech ronn 3000 Camionsbewegungen ouni den Traffic vun dem Eurohub mat anzerechnen) op d'Intersektioun vun der N31 mat der A13 ze féiren, wou et souwisou schon an de Spëtzenverkéierszäiten mueres an owes zu Stauen a Stop a Go Verkéier kënnt.

Si hunn eis informéiert, dass de neie PAG vun der Stad Diddeleng virgesäit, dass op der Héicht vun der Gäertnerie Breininger en **Discount Lidl** entsteet, an dass geplangt ass, riets a lénks vun der N31 ze lotisséiren, sou dass **och do e Verdeelerkreess soll entstoen.**

Si hunn eis proposéiert fir op der **Diddelenger Braderie de 27. Juli en Infostand z'amenagéiren**, resp. op hirem Stand op der Braderie eis Flyer'e auszedeelen.